FOKUS parti politique
69, rue de l'église
L-4552 Niederkorn

# Communiqué de Presse

**FOKUS reagéiert op eng komplett falsch Interpretatioun vun eiser Positioun zum Index déi d'Gewerkschaft OGBL an hirer Analys zu de Parteiprogrammer fir d'Oktoberwalen un hir Membere geriicht huet, eng Ausso déi mir net esou am Raum stoe kënne loossen.**

http://www.ogbl.lu/wp-content/uploads/2023/09/Aktuell_0423_Dossier_FR.pdf

---

## Nee Madamm Back, FOKUS schléit net e gedeckelten Index fir – e Géigewuert

A fir et direkt a kloer ze soen, FOKUS ass strikt géint e gedeckelten Index, esou wéi dat d'CSV ënnert dem Jean-Claude Juncker am Joer 2013 an d'politesch Diskussioun bruecht hat, fir d'Héicht vum Salaire bis zu der den Index ugerechent gëtt ze begrenzen.

FOKUS ass genau sou duergéingt, Indextranchen ze verréckelen oder schlëmmer nach, entfalen ze loossen.

FOKUS wëll och déi sougenannten "*kal Progressioun*" ofschafen, déi doduerch entsteet, datt d'Steiertabellen net mat den Indextranchen ugepasst ginn, wat eng Steiererhéijung duerch d'Hannerdier ass, e Coup den de fréiere Finanzminister Luc Frieden am Joer 2013 fäerdeg bruecht.

FOKUS wëll awer och d'Betriber net iwwerméisseg belaaschten a wëll verhënneren, datt d'Inflatioun ugedriwwe gëtt wann ze séier Indextranchen hannerenaner falen.

All dësem gëtt an eisem Virschlag Rechnung gedroen.

Et gëtt vu Gewerkschaftssäit gesot, datt *„den Index de Kafkraaftverloscht ausgläiche soll, deen duerch d'Inflatioun entstanenen ass, hie soll keen Instrument vun enger Sozialpolitik sinn"* … dës soll just duerch d'Gewerkschafte mat dem Patronat behandelt ginn.

Den OGBL, wéi och déi aner Gewerkschafte maachen e fundamentalen Denkfeeler wann si net verstinn - besser vläicht : net verstoe wëllen – datt den Index a senger aktueller Form wuel een Instrument vun der Ëmverdeelung ass awer enger Ëmverdeelung an déi falsch Richtung geet wëll bei all neier Indextranche, d'Schéier tëscht de Akommes méi grouss gëtt, an zwar exponentiell.

Bei den ënneschten a mëttlere Salairen ass den Index oft déi eenzeg Augmentatioun, ausser datt de Salarié ënnert engem Kollektivvertrag schafft. Dës Salairen tréppelen oft an der Kafkraaft, méi oder wéineger op der Plaz, woubäi eng Indextranche bei engem Salaire vu 5 oder 10 mol de Mindestloun, e saten Netto méi an der Täsch duerstellt, och wann do prozentual gesi méi Steiere ze bezuele sinn.

All Mount ginn d'Präisser vun enge 7.700 Produkter a Servicer an engem Wuerekuerf nei erfaasst. Eng Indextranche gëtt dann ausgeléist, wann de semestriellen Duerchschnëtt vum Wäert vum Wuerekuerf en Ënnerscheed vun +2,5% par Rapport zu der leschter Bewäertung registréiert.

Eng <u>aktuell</u> Indextranche bewierkt also dat jiddereen dee <u>gläiche Prozentsaz</u> vu senger Brutto-Pai bäikritt, si modifizéiert also déi relativ Gehälterstruktur net.

FOKUS wëll mat eisem Sozialen Index, datt e Stot mat engem Akommes dat dem onqualifizéierte Mindestloun entsprécht, net nëmmen 2,5% Brutto pro Indextranche bäikritt (dat gëtt haut een Netto vun 2,22% oder knapps 51 Euro), mee eppes iwwer 3% Brutto, respektiv 2,8% Netto. Duerno geet dëse Wäert progressiv erof, a Funktioun vum Akommes, fir bei engem Joresakommes vun 100.000 € Brutto bei 2,5% Brutto ze leien, an da weider erof geet fir dann bei 250.000 € Brutto a méi effektiv bei null ze sinn.

FOKUS parti politique
69, rue de l'église
L-4552 Niederkorn

Mat eiser Propos, kréien ongeféier 93 % vun de Stéit méi wéi haut, 6% e wéineg manner wéi haut (als Suen, nach ëmmer méi wéi genuch, och no de Steieren), an 1% vun de Stéit kritt effektiv näischt bäi, mee déi hu genuch aner Argumenter fir hire Loun ze verhandelen.

An d'Säit vum Employeur ?

Fir den Employeur soll sech mat eiser Propos näischt änneren. Wann hie vill déif Paien huet – wéi oft een Handwierksbetrib dat huet – fir déi de sozialen Index méi héich wéi déi 2,5% Brutto gëtt, da kritt dëse Betrib iwwer eng Mutuelle (Mutualité des Employeurs) dës zousätzlech Käschte kompenséiert. Wann am Géigendeel dozou, de Betrib vill héich Paien huet, a manner, vläicht guer kee sozialen Index ausbezuele muss, da bezilt hien dat "Gespuerten" an d'Mutuelle an, en Null-Summespill also.

An dëse schwieregen Zäiten, kënnen e puer Indextranchë séier hannereneen ufalen an esou d'Inflatioun verstäerke wëll d'Betriber déi zousätzlech Käschten direkt nees an hir Präisser arechnen. Fir an där Situatioun d'Employeuren ze entlaaschten, kann eise Virschlag duerch eng Subventioun, déi de Staat an d'Mutuelle mécht, erweidert ginn.

Eis Propos bedeit natierlech e Richtungswiessel am Indexsystem. Si féiert zu méi sozialer Gerechtegkeet a Solidaritéit… an si mécht, datt d'Schéier op hält weider auseneen ze goen.

Dofir sëtze mir eis an, a mir wäre frou wann d'Gewerkschaften, a besonnesch den OGBL, sech emol eescht mat dem Thema ausenaner setze géifen.

FOKUS
Gary Kneip
Secrétaire général